



STENGEFORTER NEIEGKEETEN

DE MAGASINN VU STENGEFORT

N° 116
Februar
2025



Commune de
Steinfort



Guy Erpelding, Sammy Wagner,
Marianne Dublin-Felten

VIRWUERT

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Stengefort ass eng Gemeng am Wandel, gedriwwen vun Initiativen, Engagementer a Manifestatiounen, déi d'Relatiounen tëscht eisen Awunnerinnen an Awunner stäerkeren. Dës nei Ausgab vun de Stengeforter Neiegkeeten kuckt op d'Highlights vun de leschte Méint zeréck a beliicht Perséinlechkeeten, déi zu hirer Dynamik bäidroen.

Esou si mir houfreg, datt d'Fondation Cancer eis Gemeng am leschten November mam Bronze-Label „Commune Sans Tabac“ ausgezeechent huet. Dëse Label ass eng Unerkennung fir eisen Engagement déi zukünfteg Generatiounen virun de Gefore vum Fëmmen ze schützen an d'Initiativ „Génération Sans Tabac“ z'ënnerstëtzen. Dëst ass e wesentleche Schrëtt fir d'Gesondheet vun eise jonke Leit ze erhalen an eist gesond a séchert Liebenswäert ze stäerkeren.

An dëser Nummer stelle mir lech d'Gemeengeconseillère Hortense Ostach vir, déi hir Zukunftsvisioun vun eiser Gemeng mat eis deelt. Dernieft presentéiere mir lech d'Suzette Elsen-Mangen, déi e gudden Deel vun hirer Energie der Dr Elvire Engel Fondatioun widmet fir Solidaritéitsprojeten am Burkina Faso z'ënnerstëtzen.

An der Rubrik Präsentatioun vun de Veräiner ass et dës Käier um FC Stengefort, engem dynamesche Veräin dee Futtballsbegeeschterter a jonk Talenter zesummebréngt, fir sech virzestellen. Ausserdem kucken mir op eng Rëtsch vu Manifestatiounen zréck, déi eis Gemeng an de leschte Wochen animéiert hunn: Fester, Versammlungen an aner Eventer, déi Kleng an Al zesumme bruecht hunn, dëst zum Deel ënnert der Form vu Fotoréckblécker.

Verpasst schlussendlech net eis Rubrik „Deemools an der Stengeforter Gemeng“, wou mir dës Käier e Réckbléck an d'Zäit tëscht Enn 1984 an Ufank 1985 woen. E faszinante Bléck op eis lokal Geschicht an eis Entwécklung.

Mir wënschen lech eng agreabel Lektür, a soen lech Merci datt Dir dobäi bäidrot Stengefort zu enger lieweger, engagéierter a solidarescher Gemeng ze maachen.

Are Schäfferot

ÉDITORIAL

Chères concitoyennes, chers concitoyens,

Steinfort est une commune en mouvement, portée par des initiatives, des engagements et des événements qui renforcent le lien entre ses habitants. Ce nouveau numéro de notre magazine «Stengeforter Neiegkeeten» revient sur les moments marquants de ces derniers mois et met à l'honneur celles et ceux qui contribuent à son dynamisme.

Nous sommes fiers que la Fondation Cancer a décerné en novembre dernier le label bronze «Commune Sans Tabac» à notre commune. Ce label est une reconnaissance de notre engagement à protéger les générations futures des dangers du tabagisme et à soutenir l'initiative «Génération Sans Tabac». Une démarche essentielle pour préserver la santé de nos jeunes et renforcer notre cadre de vie sain et sécurisé.

Dans ce numéro, nous vous invitons à découvrir plus en détail la conseillère communale Hortense Ostach qui nous fait part de sa vision de l'avenir de notre commune. Nous vous dressons aussi le portrait de Suzette Elsen-Mangen, qui consacre une bonne partie de son énergie à la Fondation Dr Elvire Engel pour soutenir des projets solidaires au Burkina Faso.

Côté associations, c'est au tour du FC Stengefort, club dynamique qui rassemble passionnés et jeunes talents du football local, de se présenter. Par ailleurs, nous revenons sur les événements qui ont animé notre commune ces dernières semaines : fêtes, rencontres et autres manifestations qui ont réuni petit.e.s et grand.e.s, avec de nombreuses photos souvenirs à l'appui.

Enfin, ne manquez pas notre rubrique «À l'époque dans la commune de Steinfort», qui nous replonge cette fois dans la période entre fin 1984 et début 1985. Un regard passionnant sur notre histoire locale et notre évolution.

Bonne lecture à toutes et à tous, et merci de faire de Steinfort une commune toujours plus vivante, engagée et solidaire.

Votre Collège échevinal

FOREWORD

Dear fellow citizens,

Steinfort is a municipality on the move, driven by initiatives, commitments and events that strengthen the bonds between its residents. This latest edition of our magazine 'Stengeforter Neiegkeeten' looks back at the highlights of the last few months and highlights those who contribute to this dynamic.

We are proud that last November the Cancer Foundation awarded our municipality the bronze 'Commune Sans Tabac' label. This label is a recognition of our commitment to protect future generations from the dangers of smoking and to support the 'Génération Sans Tabac' initiative. This is an important step in protecting the health of our young people and strengthening our safe and healthy living environment.

In this issue, we invite you to find out more about municipal councillor Hortense Ostach and her vision for the future of our municipality. We also profile Suzette Elsen-Mangen, who devotes much of her energy to the Dr Elvire Engel Foundation to support solidarity projects in Burkina Faso.

On the clubs' front, it's the turn of FC Stengefort, a dynamic club that brings together local football enthusiasts and young talents to present itself. Furthermore, we take a look back at some of the events that have taken place in our municipality over the past few weeks: parties, gatherings and other events that have brought together young and old, with plenty of photos to go around.

Finally, don't miss our 'At that time, in the municipality of Steinfort' section, which takes you back in time between late 1984 and early 1985. It's a fascinating look at our local history and how we've changed.

We hope you enjoy reading it and thank you for making Steinfort an ever more vibrant, involved and inclusive municipality.

Your Aldermen's College

AN DËSER EDITIOUN / DANS CETTE ÉDITION / IN THIS EDITION

AUS DER GEMENG LA VIE À LA COMMUNE LIFE IN THE MUNICIPALITY

- 05 | Wëllkomm: Nei Mataarbeschter
- 06 | Mir stelle vir!
- 08 | Jubiläen
- 10 | Stengefort um Pride Run
- 12 | Bronze Label «Commune sans Tabac»
- 14 | 6.000. Awunnerin
- 16 | Visitt vum Andrew King

#MIRSISTENGEFORT

- 18 | Portrait vum Hortense Ostach
- 24 | Stengeforter Perséinlechkeet: Suzette Elsen-Mangen
- 34 | Stengeforter Veräiner: FC Steinfort
- 40 | Betriber aus eiser Gemeng: Institut Tamathy
- 42 | #mirsistengefort

RÉCKBLÉCK RÉTROSPECTIVE RETROSPECTIVE

- 44 | Receptioun nei Awunner
- 46 | Owe- & Ëmweltmaart
- 48 | 3. Stengeforter Sportsdag
- 50 | Biergerworkshop Ëmgestaltung vum Zentrum vu Grass
- 52 | Eischt Hëllef Cours fir mental Gesondheet
- 54 | Journée commémorative
- 56 | Hierschtmatinée
- 58 | Konferenz zum Thema Parkinson
- 60 | Graffiti Konschtwierk zu Klengbetten
- 62 | Vernissage « Le Photoboot de l'expression »
- 64 | Inauguratioun vum Billerwee - Eis Gemeng am Watermantel
- 66 | Dëslescht an eiser Gemeng
- 80 | Deemols an der Stengeforter Gemeng
- 86 | 7 kleng Feeler


WËLLKOMM: NEI MATAARBECHTER



Ramona Kieffer
Service Hygiène
Caisse Centre sportif



Jordan Fritsch
Instructeur de natation
Centre sportif



Kevin Flesch
Instructeur de natation
Centre sportif



Laure Cales
Service écologique
Département administratif



Raphaël Marx
Accueil
Département administratif



Jerry Zwank
Service PR et événementiel
Département administratif

Lu D'Personal vun der Maison Relais vu Stengefort gëtt all Joer an eiser Publikatioun „De Kannerbuet“ virgestallt. Fir d'Rechter a Fräiheete vun eisem Personal am Kader vun der allgemenger Dateschutzreglement ze respektéieren, ass dës Lëscht net komplett.

Fr Le personnel de la Maison Relais de Steinfort est présenté chaque année dans notre publication «De Kannerbuet». Afin de respecter les droits et libertés de notre personnel dans le cadre du règlement général sur la protection des données, cette liste n'est pas exhaustive.

En The staff of Maison Relais de Steinfort are profiled each year in our publication “De Kannerbuet”. In order to respect the rights and freedoms of our staff in accordance with the General Data Protection Regulation, this list is not exhaustive.

MIR STELLE VIR! CHAREL THILL

RECEVEUR

Lu

Nieft dem Gemengesekretär ass de Receveur een obligatoresche Poste fir all Gemeng, wéi am Gemengesetz festgehalen. Dës Roll ass soumat een Haaptpieler vum gudden Fonctionnement vun enger Gemeinververwaltung. Op der Stengeforter Gemeng ass et de Charel Thill deen dës Roll beleet a mir ginn lech haut en Iwwerbléck iwwer seng Missiounen a Verantwortungen.

D'Aufgab vum Receveur ass haaptsächlech d'Gestouwen vun der Tresorerie, respektiv d'Verwalte vun de Gemeinfinanzen. Dorënner fällt d'Responsabilitéit fir d'Akassieren a Verbuche vun alle Rechnungen an anere Recette vun der Gemeng. Genau sou ginn all d'Ausgabe vun der Gemeng, wéi z.B. d'Bezuele vun de Fournisseuren, de Paie vun de Mataarbechterinnen an de Steieren a Cotisatiounen un de Staat, duerch seng perséinlech Hänn.

Een anere wichtegen Aspekt vu senger Aarbecht ass d'Handhabung vu Pursuitten am Zesammenhang mat onbezuelte Rechnungen, d.h. d'Verschécke vu Rappeller sou wéi d'Zesummenaarbecht mam Dierwiechter an de Geriichter a méi avancéierte Fäll.

Wichtig ze wëssen ass, datt wann Dir Schwieeregkeeten hutt fir eng Rechnung am Delai ze bezuelen, Dir zu all Moment eise Receveur, de Charel Thill, kënnt kontaktéieren fir zesammen een Arrangement ze fannen. Dës Proximitéit an den Dialog stinn am Zentrum vu senger Missioun.

Fr

Outre le secrétaire communal, le receveur occupe un poste indispensable dans chaque commune, tel que stipulé par la loi communale. Ce rôle constitue l'un des piliers essentiels du bon fonctionnement de l'administration. À Steinfort, c'est Charel Thill qui exerce cette fonction avec dévouement, et nous vous proposons aujourd'hui un aperçu de ses missions et responsabilités.

Le receveur est principalement chargé de la gestion de la trésorerie et des finances communales. Cela inclut l'encaissement, la comptabilisation et le suivi des factures ainsi que des autres revenus de la commune. Par ailleurs, toutes les dépenses de la commune, qu'il s'agisse du paiement des fournisseurs, des salaires des employés.e.s, ou encore du règlement des impôts et cotisations auprès de l'État, passent sous sa supervision méticuleuse.

Un autre aspect clé de son rôle est le traitement des poursuites liées aux factures impayées, allant de l'envoi de rappels aux débiteurs à la collaboration avec un huissier en cas de procédure judiciaire avancée.

Sachez également que si vous rencontrez des difficultés à régler une facture, vous pouvez à tout moment prendre contact avec Charel Thill pour discuter et trouver ensemble une solution adaptée. Ce lien de proximité et de dialogue est au cœur de sa mission.



En

Alongside the municipal secretary, the financial officer is a key position in any municipality, as defined by the municipal law. This role is one of the main pillars of the smooth running of the administration. In Steinfort, it's Charel Thill who fills this role with dedication, and today we'd like to give you an overview of his duties and responsibilities.

The financial officer is primarily responsible for managing the municipality's treasury and finances. This includes collecting, accounting for and monitoring invoices and other municipal revenues. He is also responsible for overseeing all of the municipality's spending, from paying suppliers and employees to settling taxes and contributions with the government.

Another important aspect of the role is the handling of legal proceedings relating to unpaid bills, from sending reminders to debtors to working with a bailiff in the event of advanced legal proceedings.

You should also know that if you are having difficulty paying a bill, you can always contact Charel Thill to discuss and find a solution together. This close relationship and dialogue is at the heart of his mission.

JUBILÄEN



28. Juni 2024

90 Joer, Här Aloyse Brass, Stengefort



13. Juli 2024

90 Joer, Madamm Anne Serwe, Stengefort

Den Altes, deem ass inn
 Den Altes ass op esmol do
 mat mui wii enger Flo.
 Keen hilt den Altes ewech
 wien dat geschidde hat Feck.
 Al wille kee sinn
 mee wien wille et net ginn
 Op ee, wille oder net
 kee wiesse wii, al ee gitt.
 Wann eng guddel Gevordheet
 een elterai nach begleet
 dann ass bei Gott, an der Haer
 den Altes heng Affir.
 Am Altes hilt ee gae seng Ron
 dat gehiert einfach derzou
 duerfi, al ze ginn
 ass laetz, allem inn.
 Aloyse Brass
 Stengefort, den 28. Juni 2024.
 Ich kruit am der Semeng zur Lia
 sum mengem 90 Jor ee Schwan.
 Dougnat Blummen jinnverrecht.
 Ich soon deenen Verantwortlichen
 een hääzliche Merci ass deen
 schone Zeit. Merci!

Hallo alleguer!
 Haut feieren ech mat Schwank
 ech zeuff schlieslech 90 Jor jonk.
 Dat sinn die Jore wille
 mee ech sinn nach um Dolt.
 Ech hätt dat net geduecht
 mee elo ass et vollbruecht.
 Am Jong wille keen al sinn
 me fiddfeeren wille, al ginn.
 Dat ass eson am Liewen
 huelt sich jait mam Steuwen.
 Du sitt nach allezwae jonk
 du denkt Liewen wii ee Sprouk.
 Du muust, awer eson bedenken
 et muss ee vill Waasser drenden
 eson wii ech elen Draach,
 dat soll marachen Tag fu Tag.
 Mein Mommy Mary war bill zeplot
 mee hien hat mi dat hei' geot.
 Aloyse, du muss em mee drun denken
 wüchtig am Liewen ass rissen an drenden.
 Schuedli, Kuch, Schokolat, an apaant
 Marzipan, Kichelchen, Kieem, an Taart
 a veigisse Gedrenke, nemmen nett
 Wein, Beer, a wat et ass nach gitt.
 Seit sinn alles guddel Saachen
 mee muss eson et haang maachen.
 Verjesst mi die Lieer net eson bel
 die wäit gesinn, da gitt di och all al
 Wann och keen al wille sinn
 fiddfeeren wille et netwilech ginn.
 Dat ass eson am Liewen
 duerno künnt Wollek m' sinnen.



30. August 2024

Gellen Hochzeit, Mme & M Polfer-Nohl, Hoen

11. Juli 2024

STENGEFORT UM PRIDE RUN



Lu

Den 11. Juli 2024 huet eis Gemeng un der 2. Editioun vum Pride Run an der Stad deelgeholl.

Eng Manifestatioun, déi Diversitéit an Inklusioun féiert, organiséiert vun der Stad Lëtzebuerg an der ING, an Zesummenaarbecht mat Rosa Lëtzebuerg, dem Cigale LGBTIQ+ Center an der Organisatioun Inspiring More Sustainability (IMS).

Mir waren zu vill fir eis den 3.500 Participanten unzeschléissen, méi wéi duebel esouvill ewéi dat viregt Joer! Iwwer 90 Entreprises an Associatiounen, dorënner eng Equipe vu 37 Leit aus der Gemeng, déi aus de Membere vum Gemeengerot, de berodenden Kommissiounen an dem Personal zesumme gesat war, hunn esou hir Ënnerstëtzung gewisen. Ob 5 oder 10 Kilometer, mir si zesumme gelaf fir d'Gläichheet an d'Léift an all senge Formen ze feiern.

D'Stengeforter Gemeng engagéiert sech aktiv fir Inklusioun an Diversitéit, an dës Zort vun Eventer stäerken eis Entschlossenheet fir en Ëmfeld opzebaue wou jidderee sech respektéiert a geschätzt fillt.



Fr

Le 11 juillet 2024, notre commune a fièrement participé à la 2^e édition de la Pride Run à Luxembourg Ville!

Un événement qui met en avant la diversité et l'inclusion, organisé par la Ville de Luxembourg et ING, en collaboration avec Rosa Lëtzebuerg, le Centre LGBTIQ+ Cigale et l'organisation Inspiring More Sustainability (IMS).

Nous avons été nombreux.euses à rejoindre les 3.500 participant.e.s, soit plus du double de l'année précédente! Plus de 90 entreprises et associations, dont une équipe de 37 personnes de la commune composée de membres du conseil communal, des commissions consultatives et du personnel, ont ainsi montré leur soutien. Que ce soit pour les 5 ou 10 kilomètres, nous avons couru ensemble pour célébrer l'égalité et l'amour sous toutes ses formes.

La commune de Steinfort s'engage activement pour l'inclusion et la diversité, et ce type d'événements renforce notre détermination à créer un environnement où chacun.e se sent respecté.e et valorisé.e.

En

On 11 July 2024, our municipality proudly took part in the 2nd edition of the Pride Run in Luxembourg City!

An event promoting diversity and inclusion, organised by the City of Luxembourg and ING, in collaboration with Rosa Lëtzebuerg, the Centre LGBTIQ+ Cigale and the organisation Inspiring More Sustainability (IMS).

This year, many of us joined the 3,500 participants, more than twice as many as the previous year! More than 90 companies and associations showed their support, including a 37-strong team from the municipality made up of members from the municipal council, advisory committees and staff. Whether it was a 5 or 10 km run, we all ran together to celebrate equality and love in all its forms.

Steinfort is actively committed to inclusion and diversity and events like this reinforce our determination to create an environment where everyone feels respected and valued.





7. November 2024

BRONZE LABEL « COMMUNE SANS TABAC »

Lu

D'Gemeng Stengefort mécht en entscheidende Schrëtt an d'Richtung vun enger méi gesonder an Tubaksfräier Zukunft! Eis Gemeng ënnerstëtzt aktiv d'Initiative „Génération Sans Tabac“ vun der Fondation Cancer, an domadder weise mir eisen Asaz fir eis zukünfteg Generatiounen géint d'Gefore vum Fëmmen ze schützen. De 7. November 2024 krut de Gemengerot de bronze Label „Commune Sans Tabac“ offiziell vun der Fondatioun iwwerrecht.

Dëser éiergäizeger Initiativ bäizetrieden, déi bis 2040 eng Tubaksfräi Gesellschaft usteiert, bedeit konkret Aktiounen ëmzesetzen, ewéi Sensibiliséierungs-campagnë fir déi Jonk an d'Schafe vun Tubaksfräien Zonen an eiser Gemeng. Dës Moosnamen, déi vun eise Gemengerot ënnerstëtzt ginn, sollen e.a. och d'Gesundheit vu jidderengem verbesseren an den Ëmweltimpakt vum Tabaksoffall reduzéieren.

Loosst eis zesummen an d'Richtung vun enger méi prop- perer a verantwortungsvoller Gemeng goen.

En

The municipality of Steinfort is taking a decisive step towards a healthier, smoke-free future! Thus we are supporting the Cancer Foundation's 'Tobacco Free Generation' initiative, marking our commitment to protecting our future generations from the dangers of smoking. On 7 november 2024, the foundation awarded the municipal council the bronze 'Commune Sans Tabac' label.

Fr

La commune de Steinfort franchit un pas décisif vers un avenir plus sain et sans tabac ! Ainsi nous soutenons l'initiative « Génération Sans Tabac » de la Fondation Cancer, marquant notre engagement à protéger nos générations futures contre les dangers du tabagisme. Le 7 novembre 2024, la fondation a décerné au Conseil communal le label bronze « Commune Sans Tabac ».

Adhérer à cette initiative ambitieuse, qui vise une société sans tabac d'ici 2040, signifie la mise en place d'actions concrètes telles que des campagnes de sensibilisation destinées aux jeunes ainsi que la création de zones sans tabac pour un environnement communal plus sain. Ces mesures, soutenues par notre Conseil communal, visent notamment à renforcer la santé publique et réduire l'impact environnemental lié aux déchets de tabac.

Ensemble, avançons vers une commune plus propre et plus responsable.

Joining this ambitious initiative, which aims to create a smoke-free society by 2040, means taking concrete actions such as awareness-raising campaigns aimed at young people and the creation of smoke-free zones for a healthier municipal environment. These measures, supported by the municipal council, aim to improve public health and reduce the environmental impact of tobacco waste.

Together, let's move towards a cleaner, more responsible municipality.



Méi Informatiounen:

Plus d'informations :

More information:



12. Dezember 2024

6.000. AWUNNERIN

EN HISTORESCHE MOMENT
FIR EIS GEMENG!

Lu

Den 12. Dezember 2024 hate mir no der Gemengerots-
sätzung déi immens Freed eis 6.000. Awunnerin ze be-
gréissen, déi am Summer an d'Gemeng geplënnert ass!

A Präsenz vun de Membere vum Gemengerot hu mir dëse
bedeitenden Moment gefeiert, deen de Wuesstem an
d'Vitalitéit vun eiser Gemeng erëmspigelt. Merci allen
Awunner.innen, nei an al, déi dozou bäidroen eis Gemeng
zu enger agreabler a wunnenswäerter Plaz ze maachen.

Häerzlech Wëllkomm eiser 6.000. Awunnerin, esou ewéi
all deenen déi an Zukunft een Deel vun dëser grousser
Aventure wäerte ginn!

Fr

Le 12 décembre 2024, à l'issue de la réunion du Conseil
communal, nous avons eu l'immense plaisir d'accueillir
notre 6000^e résidente qui nous a rejoint cet été!

En présence des membres du Conseil communal,
nous avons célébré ce moment marquant qui reflète
la croissance et la vitalité de notre belle commune.
Merci à tou.te.s les résident.e.s, nouveaux.elles comme
ancien.ne.s, de contribuer à faire de notre commune un
endroit chaleureux et accueillant.

Bienvenue à notre 6000^e résidente et à toutes ceux et
celles qui continuent de rejoindre cette belle aventure
avec nous !

En

On 12 December 2024, at the end of the municipal council
meeting, we had the great pleasure of welcoming our
6,000th resident!

In the presence of the members of the municipal council,
we celebrated this milestone, which reflects the growth
and vitality of our beautiful municipality. Thank you to
all residents, new and old, for helping to make our mu-
nicipality a warm and welcoming place.

Welcome to our 6,000th resident and to all those who
continue to join this great adventure with us!



20. Dezember 2024

VISITT VUM ANDREW KING



Lu

Kuerz viru Chrëschttag hat eise Gemengerot, begleet vu Membere vum Syndicat d'initiative, d'Éier den Här Andrew King empfanke ze kënnen. Dës Rencontre huet am Kader vun de Commemoratioune vum 80. Anniversaire vun der Ardennenoffensiv, engem historesche Moment deen eis Regioun déif markéiert huet, statt fonnt.

Den Här King huet de Wee widderholl dee säi Papp, dem William Francis King, Zaldot an der 26. Infanteriedivisioun vun der US Army, während dem Zweete Weltkrich hei zu Lëtzebuerg gemaach huet. Stationéiert zu Stengefort vum 20. Dezember 1944 bis den 23. Januar 1945, huet seng Unitéit, d'101. Feldartillerie, eng Schlësselroll an dëser spezieller Zäit gespillt. Den Datum vum 20. Dezember 1944 ass och vu besonneschem Interesse fir den Här King, well d'Präsenz vu sengem Papp just 1,4 km südwestlech vun der Place Général Patton war, wéi offiziell Berichter vun der amerikanescher Arméi beleeden.

D'Receptioun, déi an de Raimlechkeete vum Syndicat d'initiative ofgehalen gouf, huet et méiglech gemaach Erënnerungen ze deelen. Den Här King huet déi aner Etappe vu senger Erënnerungsrees ugeschwat, déi hien ënner anerem duerch Dikrech a Rambrouch gefouert huet, ier hien op Stengefort koom. E Moment voller Emotiounen, wou Vergaangenheet a Géigewaart opene getraff sinn, fir d'Erënnerung un déi ze éieren, déi fir eis Fräiheet gekämpft hunn.

En härezeleche Merci dem Här King fir säi Besuch a säin Temoignage. Mir sinn houfreg d'Erënnerung un dës Momenter, déi eis gemeinsam Geschicht gepräagt hunn, an Éieren ze halen.

Fr

Quelques jours avant Noël, notre Conseil communal, accompagné des membres du Syndicat d'initiative, a eu l'honneur d'accueillir Monsieur Andrew King. Cette rencontre poignante s'inscrit dans le cadre des commémorations du 80^e anniversaire de la bataille des Ardennes, un événement historique qui a profondément marqué notre région.

Monsieur King a refait le chemin parcouru par son père, William Francis King, soldat engagé dans la 26^e division d'infanterie de l'armée américaine pendant la Seconde Guerre mondiale. Stationnée à Stengefort du 20 décembre 1944 au 23 janvier 1945, son unité, la 101st Field Artillery, Headquarters Battery, a joué un rôle clé lors de cette période charnière. La date du 20 décembre 1944 revêt d'ailleurs une importance particulière, marquant leur présence à seulement 1,4 km au sud-ouest de la Place Général Patton, comme le révèlent des rapports officiels de l'armée américaine.

La réception, qui s'est tenue dans les locaux du Syndicat d'initiative de Stengefort, a permis de retracer ces souvenirs. Monsieur King a également évoqué les autres étapes de son voyage mémoriel, qui l'ont conduit e.a. par Diekirch et Rambrouch, avant de passer par Stengefort. Un moment chargé d'émotions, où passé et présent se sont rencontrés pour honorer la mémoire de ceux qui ont combattu pour notre liberté.

Nous remercions chaleureusement Monsieur King pour sa visite et son témoignage, et nous sommes fiers de perpétuer le souvenir de ces instants qui ont façonné notre histoire commune.

En

Some days before Christmas, our municipal council, accompanied by members of the Syndicat d'Initiative, had the honour of welcoming Mr Andrew King. This touching meeting was part of the commemoration of the 80th anniversary of the Battle of the Bulge, a historic event that had a profound impact on our region.

Mr King retraced the steps of his father, William Francis King, a soldier in the 26th Infantry Division of the US Army during the Second World War. Stationed at Stengefort from 20 December 1944 to 23 January 1945, his unit, the 101st Field Artillery, Headquarters Battery, played a key role during this pivotal period. The date of 20 December 1944 is particularly significant as it marks their presence just 1.4km south-west of General Patton Square, according to official US Army reports.

The reception, held at the offices of the Syndicat d'initiative, was an opportunity to share these memories. Mr King also recalled the other stages of his commemorative journey, which took him through Diekirch and Rambrouch before passing through Stengefort. It was an emotional moment where past and present came together to honour the memory of those who fought for our freedom.

We sincerely thank Mr King for his visit and his testimony, and we are proud to keep alive the memory of these moments in our shared history.



PORTRAIT VUM HORTENSE OSTACH

LSAP VERTRIEDERIN AM STENGEFORTER GEMENGEROT

Lu

Bei de leschte Walen 2023 an de Stengeforter Gemengerot gewielt, ass d'Hortense Ostach fest mat eiser Gemeng verbonnen. Gebuer, opgewuess a nach ëmmer zu Hoen doheem, no beim Elterehaus, verkierpert si eng staark an authentesch Verbonnenheet mat hirem Heemechtsduerf. Zesumme mat eisem aktuelle Buergermeeschter Sammy Wagner huet si d'Schoulbänk vun der Spillschoul bis d'6. Schouljoer gedeelt an haut sëtzen si gemeinsam an der Märei um Gemengerotsdësch.

Vu jonkem aus un huet d'Hortense aktiv am Veräinsliewe matgemëscht, dëst zemoos am Club des Jeunes an am Stengeforter Volleyballclub. Haut investéiert si weider vill Zäit a Gedold als Benevole bei verschiddenen Veräiner, ënnert anerem als Sekretärin vun der Entente vun de Stengeforter Veräiner. Um politesche Plang huet si de Posten als Präsidentin vun der LSAP-Sektioun Stengefort ugeholl a presidéiert d'berodend Kommissioun fir Sécherheet, Präventioun a Verkéier. Si ass och Member vun der Bautekommissioun an der Ëmwelt a Mobilitéitskommissioun, a kann esou hir Expertis a Leidenschaft fir d'lokal Liewen ze verbessere mat abréngen.

Um berufflechen Niveau ass d'Hortense Chef de Région Sud-Ouest bei der CFL.

Fir hiren Hannergrond, hir politesch Bestriewungen an hir Zukunftsvisioun vun eiser Gemeng besser ze verstoen, hu mir dem Hortense e puer Froe gestallt.



Wéi géngt Dir lech an e puer Wierder beschreiwen?

Gutt gelaunt, hëllefsbereet, éiergäizeg an zimmlech optimistesches.

Gebuer an opgewuess zu Hoen, wou Dir nach wunnt... Wéi beaflosst dëse staarke Lien mat Ärem Heemechtsduerf Ären Engagement am Stengeforter Gemengerot?

D'Verbindung zu mengem Heemechtsduerf an och der Gemeng Stengefort huet mir e staarkt Gefill vu Gemeinschaft an Zesummenhalt vermëttelt, wat ech och weiderhin an der Gemeng férdere wëll.

Et ass wichteg op d'Besoine vun de Awunnerinnen anzugeen an hinnen och eng Stëmm ze ginn, esou datt ech mech am Gemengerot och dofir asetze fir méi Biergerbedeelegung.

Wéi huet Ären Asaz am Veräinsliewen Äre Visioun iwwer d'Roll vun der Gemeng am Alldagsliewe vun eise Matbiergerinnen zu Stengefort geprägt?

D'Veräinsliewen ass fir mech guer net méi wechzedenke well ech vu klengem un dorun deelhuele.

Ech hu geléiert, datt d'Gemeng aktiv d'Veräinsliewen ënnerstëtzt an och eng wichteg Roll spillt, fir d'Infrastrukturen an d'Ressourcen ze bidden, déi néideg sinn, fir datt Veräiner erfollegräich funktionéiere kënnen.

D'Veräiner sinn e wichtige Bestanddeel vun eiser Gemeng well si d'Léit zesummebréngen an déi sozial Bindungen stäerken, dowéinst ass déi Ënnerstëtzung vun der Gemeng och wichteg.

Wat sinn d'Wäerter a Prioritéiten, déi Dir als Präsidentin vun der LSAP-Sektioun Stengefort wëllt promovéieren?

Eng gerecht, inklusiv an nohalteg Gesellschaft ze hunn an där all Biergerinnen d'Méiglechkeet hunn sech voll a ganz ze entfalen.

Dowéinst och de Punkt vun der Biergerbedeelegung, all Biergerinn soll d'Méiglechkeet hunn aktiv matzeschaffen an esou och beieneenzekommen.

Beruffsliewen, politesch a benevole Engagementer, a perséinlecht Liewen: wat motivéiert Iech am Alldag a wéi bréngt Dir et fäerdeg alles ënnert een Hutt ze bréngen?

Ech muss soen et ass net ëmmer einfach alles ënnert een Hutt ze kréien an ouni Ënnerstëtzung, sief dat privat, politesch, am Benevolat oder op der Aarbecht, wier et och net méiglech. Et kann een net alles eleng maachen, mee dat ass och eppes wat mech da motivéiert well een zesummen an der Ekipp schaffen kann an zesummen eppes erreche kann.

Wat sinn Äre Projeten oder Virschléi fir eng méi nohalteg Entwécklung an Mobilitéit (wichtig Theme fir vill Gemengen) hei zu Stengefort ze stäerken?

Mir hunn elo schon eng gutt Offer vum öffentlechen Transport mee et kann een d'Mobilitéit weider verbessere mam Ausbau vu séchere Vëlosweeër fir d'Benutzung vum Vélo als Alternativ zum Auto ze encouragéieren.

Fir eng nohalteg Entwécklung ze stäerke kéint een d'Awunnerinne mat Workshops zu deem Thema ëmmer rëm déi neisten Informatiounen matginn esou dass jiddereen säin Deel dozou bäidroen kann.

Wann jiddereen dozou bäidréit kenne mer eng méi nohalteg an ëmweltfrëndlech Gemeng schafen déi d'Wuefbefanne vun eise Biergerinne verbessert an och e positiven Impakt op d'Ëmwelt huet.

Wéi eng gréisser Projeten oder Ännerungen hofft Dir fir d'Gemeng bis 2026/2027 ze gesinn, a wéi/wat plangt Dir dozou bäizedroen?

Ech géif soen am meeschte freeën ech mech de Projet vum neie Centre culturel ze gesi wann dee fäerdeg ass, virun allem well dat net nëmme fir eis Veräiner e wichtige Projet ass mee fir all Awunnerinnen aus der Gemeng déi duerno un all deene flotten Eventer kënnen deelhuele. Fir mäin Deel well ech do och weiderhin een oppent Ouer fir d'Veräiner hunn an si och ënnerstëtzen.

Ausserdeem solle mer dru schaffen dass mat deene verschidde Projeten d'Liewesqualitéit vun eis alleguer weiderhi verbessert gëtt.

Wat ass Ärer Meenung no d'Wichtigkeet vum Benevolat fir d'sozial Kohäsioun zu Stengefort, a wéi eng Moosnamen oder Initiative kéint geholl ginn, fir de Benevolat bei eise Biergerinnen, besonnesch bei deenen Jonken, méi attraktiv ze maachen?

Benevolat ass e wichtige Bestanddeel vun der sozialer Kohäsioun, et erméiglecht de Léit sech zesummen aktiv an hirer Gemeng ze engagieren.

Et ass net einfach eng Léisung ze fanne fir de Benevolat méi attraktiv ze maachen, besonnesch fir déi Jonk, mee et kann een ëmmer rëm probéieren, zesumme mat de Veräiner, mat Sensibiliséierungscampagnë jiddereen dozou ze motivéieren sech ze engagieren.

Wann een sech da bis engagéiert a gesäit wéi flott et ka sinn, da kennt een och gären nees zeréck.



D'Gemengeconseillère Hortense Ostach ganz privat

Wat sinn 3 Aspekter vun Ärem Liewen, déi Dir net wëllt vermessen?

Gesondheet, Dankbarkeet a Freed

Soulaang ee gesond ass soll een dankbar si fir alles wat een huet an d'Liewe mat Freed mat all senge Léifste genéissen

Fréi opstoen oder éischer laang ausschlofen um Weekend?

Fréi opstoen, dann ass de Weekend mei laang

Zuch oder Bus?

Zuch

Aktiv oder passiv Member an engem lokale Veräin?

Aktiv

Mier oder Bierger?

Béides, do kann ech mech net fir eppes entscheiden...

Hond oder Kaz?

Hond

Recycléiert oder nei Géigestänn?

Hänkt vum Géigestand of mee wann et méiglech ass, recycléiert

Traditionell Bicher oder digital Tablette?

Traditionell Bicher

Summer um Weier oder Chrëschtmaart?

Béides huet säi Charme an et gesäit ee mech op béid Eventer

Ee Glas Cremant oder e gudde Béier?

Ganz kloer... e gudde Béier

PORTRAIT DE HORTENSE OSTACH

REPRÉSENTANTE LSAP AU CONSEIL COMMUNAL
DE STEINFORT

Fr

Élue au Conseil communal de Steinfort lors des dernières élections en 2023, Hortense Ostach est profondément enracinée dans notre commune. Née, ayant grandi et résidant toujours à Hagen, à proximité de la maison familiale, elle incarne un lien fort et authentique avec son village natal. Elle a par ailleurs partagé sa scolarité, de la maternelle à la 6^e primaire, avec l'actuel bourgmestre, Sammy Wagner. Ils se retrouvent maintenant ensemble au Conseil communal à la mairie.

Dès son plus jeune âge, Hortense s'est impliquée activement dans la vie associative locale, notamment au sein du Club des jeunes et du VC Steinfort. Elle continue encore aujourd'hui de s'investir bénévolement dans diverses associations, dont e.a. en tant que secrétaire de l'Entente des sociétés de Steinfort. Sur le plan politique, elle occupe les fonctions de présidente de la section LSAP de Steinfort et préside la commission consultative de la sécurité, de la prévention et de la circulation. Elle est également membre des commissions consultatives des bâtisses, de l'environnement et de la mobilité douce, lui permettant ainsi d'apporter son expertise et sa passion pour l'amélioration de la vie locale.

Professionnellement, Hortense transmet son savoir en tant que Chef de Région Sud-Ouest auprès des CFL (Chemins de Fer Luxembourgeois).

Pour mieux comprendre son parcours, ses aspirations politiques et sa vision pour l'avenir de notre commune, nous avons posé quelques questions à Hortense.

Décrivez-vous en quelques mots.

De bonne humeur, serviable, ambitieuse et plutôt optimiste.

Vous êtes née et avez grandi à Hagen, où vous vivez toujours. En quoi ce lien fort avec votre village natal influence-t-il votre engagement au sein du Conseil communal de Steinfort ?

Le lien avec mon village natal et la commune de Steinfort m'a donné un fort sentiment de communauté et d'unité, que je m'engage à continuer de renforcer au sein de la commune.

Répondre aux besoins des habitant.e.s et leur offrir une véritable voix est essentiel. C'est pourquoi, au sein du Conseil communal, je milite activement pour une participation citoyenne élargie.

Comment votre implication dans la vie de club a-t-elle façonné votre vision du rôle de la commune dans la vie quotidienne de nos concitoyen.ne.s de Steinfort ?

La vie associative n'a jamais été un problème pour moi, car j'y suis impliquée depuis mon plus jeune âge.

J'ai appris que la commune soutient activement les clubs, en jouant un rôle essentiel dans la mise à disposition des infrastructures et des ressources nécessaires à leur bon fonctionnement.

Les clubs occupent une place centrale dans notre commune comme ils rassemblent les habitant.e.s et renforcent les liens sociaux. C'est pourquoi il est crucial que la commune continue de les soutenir.



Quelles sont les valeurs et les priorités que vous souhaitez porter à travers votre rôle de présidente de la section LSAP de Steinfort ?

Construire une communauté équitable, inclusive et durable, où chaque citoyen.ne a la possibilité de s'épanouir pleinement.

C'est là tout l'enjeu de la participation citoyenne : offrir à chacun.e l'opportunité de contribuer activement à la vie de la commune tout en favorisant les rencontres.

Vie professionnelle, engagements politiques et associatifs, et vie personnelle : qu'est-ce qui vous motive au quotidien et comment parvenez-vous à trouver un équilibre dans toutes ces responsabilités ?

Il est vrai qu'il n'est pas toujours facile de rassembler tous les aspects sous un même chapeau. Sans le soutien, qu'il soit privé, politique, bénévole ou professionnel, cela ne serait tout simplement pas possible. Personne ne peut tout accomplir seul. C'est justement cette réalité qui me motive : travailler en équipe permet de relever des défis ensemble et de concrétiser des projets collectifs.

Quels sont vos projets ou propositions pour renforcer le développement durable et la mobilité douce (enjeux clés pour de nombreuses communes) à Steinfort ?

Nous bénéficions déjà d'une bonne offre en matière de transports publics, mais la mobilité peut encore être optimisée. Le développement de pistes cyclables sécurisées serait une excellente manière d'encourager l'utilisation du vélo comme alternative durable à la voiture.

Pour renforcer le développement durable, des ateliers dédiés pourraient être organisés afin de tenir les habitant.e.s informé.e.s des dernières initiatives et solutions. Chacun.e aurait ainsi l'opportunité de contribuer activement.

En unissant nos efforts, nous pouvons bâtir une communauté plus durable et respectueuse de l'environnement, favorisant non seulement le bien-être de nos citoyen.ne.s, mais aussi un impact positif sur l'environnement.

Quels grands projets ou changements espérez-vous voir pour la commune d'ici 2026/2027, et comment comptez-vous y contribuer ?

J'attends avec impatience l'aboutissement du projet du nouveau centre culturel, qui profitera non seulement à nos associations, mais aussi à l'ensemble des habitant.e.s de la commune qui pourront participer à de chouettes manifestations. Pour ma part, je resterai à l'écoute des besoins des clubs et continuerai à les soutenir activement.

Par ailleurs, nous devons œuvrer collectivement pour que la qualité de vie de chaque habitant.e continue de s'améliorer, grâce à la mise en œuvre de projets ambitieux et porteurs de progrès.

Selon vous, quelle est l'importance du bénévolat pour la cohésion sociale à Steinfort, et quelles mesures ou initiatives pourraient être mises en place pour encourager et rendre le bénévolat plus attractif pour nos citoyen.ne.s, en particulier les jeunes ?

Le bénévolat joue un rôle essentiel dans la cohésion sociale, permettant à tout un chacun de s'impliquer activement dans la vie de sa commune.

Encourager le volontariat, notamment auprès des jeunes, reste un défi. Cependant, en collaboration avec les clubs, il est possible de mener des campagnes de sensibilisation pour motiver davantage de personnes à s'engager.

Si vous vous impliquez et découvrez à quel point cela peut être enrichissant, vous aurez envie de revenir.

Hortense Ostach en privé

Quels sont 3 aspects de votre vie que vous ne voudriez pas manquer ?

Santé, gratitude et bonheur

Tant que l'on est en bonne santé, il faut être reconnaissant pour tout ce que l'on a et profiter de la vie avec tous ceux que l'on aime.

Lève-tôt ou plutôt douce farniente les weekends ?

Lève-tôt, le weekend en sera plus long

Train ou bus ?

Train

Membre active ou passive dans une association locale ?

Active

Mer ou montagne ?

Les deux, je ne peux me décider

Chien ou chat ?

Chien

Objets recyclés ou neufs ?

Cela dépend de l'objet, mais si c'est possible alors recyclé

Livres traditionnels ou tablettes digitales ?

Livres traditionnels

Summer um Weier ou Chrëschtmaart ?

Les deux ont leur charme et on me retrouve sur les deux manifestations

Coupe de crémant ou bonne bière ?

Très clairement... une bonne bière



English version



STENGEFORTER PERSÉINLECHKEET

Lu

Mat **#mirsistengefort** wëlle mir eis als Gemeng vun deenen anere Gemengen ervirhiewen.

Dësen Hashtag gebrauche mir reegelméisseg fir eist Zesummeliewen ze definéieren. Mee **#mirsistengefort** ass net nëmmen en Hashtag, mee et ass vill méi! Et representéiert och all eis Matbierger.innen aus eisen Dierfer mat all hiren Eegenschaften. An dëser Serie stelle mir lech an all Ausgab vun de Stengeforter Neiegkeeten eng Persoun aus eiser Gemeng vir, déi an eisen Aen eng Stengeforter Perséinlechkeet ass.

Dir kennt eng Stengeforter Perséinlechkeet, déi et interessant wär op dëse Säite virzestellen? Dann zéckt net an informéiert eise Service RP per Mail doriwwer:

steinfort.pr@steinfort.lu

En

With **#mirsistengefort** we want to distinguish ourselves as a municipality from other municipalities.

We regularly use this hashtag to define our life together. Thus **#mirsistengefort** is not just a hashtag, it is much more! It also represents all our fellow citizens from our villages with all their amazing characteristics. With this new series, we present you in each edition of our magazine a person from our municipality, who in our eyes is a Steinfort personality.

You know someone in our municipality who deserves to be featured on these pages? Then don't hesitate to send an e-mail to our PR service at:

service.pr@steinfort.lu

Fr

Avec **#mirsistengefort**, nous voulons nous distinguer en tant que commune des autres communes.

Nous utilisons régulièrement ce hashtag pour définir notre

vie ensemble. Ainsi **#mirsistengefort** n'est pas seulement un hashtag, c'est bien plus ! Il représente aussi tous nos concitoyens de nos villages avec toutes leurs caractéristiques étonnantes. Avec cette série, nous vous présentons dans chaque édition de notre magazine une personne issue de notre commune qui, à nos yeux, est une personnalité de Steinfort.

Vous connaissez une personnalité de notre commune qui mériterait d'être présentée sur ces pages ? Alors n'hésitez pas à en faire part par mail à notre service RP :

service.pr@steinfort.lu !

STENGEFORTER PERSÉINLECHKEET:

SUZETTE ELSEN-MANGEN

HIERT HÄERZ SCHLÉIT FIR DE BURKINA FASO

Lu

Loosst eis mat e bëssi Familljgeschicht ufänken: D'Wuerzele vun der Mangen Famill sinn zanter 1916 zu Stengefort verankert wéi de Grousspapp als Bouf vun 13 Kanner vu Garnech op Stengefort geplënnert ass. Als Transporteur vu Schlaken huet hie säi Liewe verdéngt a mat de gespuerte Sue konnt hien en Terrain op der Koll kafen, wou elo nach d'Familljenhaus (gëtt am Moment renovéiert) steet. Selwer hat hien 8 Kanner an ee vun deene war dem Suzette hire Papp. D'Mamm staamt aus dem haitege Café Roudemer. D'Suzette selwer huet, matt enger kuerzer Ënnerbriechung, ëmmer zu Stengefort geliefert a wunnt och haut nach ëmmer hei.

Hir ganz Kandheet huet d'Suzette an eiser Gemeng verbruecht. Wéi si dunn an de Lycée gaangen ass, huet de Wee si an d'Sainte-Sophie an der Stad bruecht. Do konnt si mat 12 Joer an d'Internat, zu där Zäit war et nach net esou einfach ewéi hautdesdaags fir mam Bus all Dag hin an hir ze fueren. Hei huet si dann och Frëndschafte geschloss, déi fir d'Liewe waren, ewéi déi mam Elvire Engel zBsp. Fir hiert d'Täschegeld ze verdéngen ass si mam Vëlo bis op Useldeng geradelt fir do an engem Restaurant ze zerwéieren. Hei huet si hiren zukünftege Mann, de Jos, kenne geléiert. A wéi et zu där Zäit Usus war, hunn si sech zimmlech fréi bestuet fir kënnen zesammen ze sinn. Sou ass d'Suzette 1968, mat nëmmen 19 Joer, bestuet ginn. Ee Mariage, dee schlussendlech 52 Joer gedauert huet.



Gewunnt huet déi frësch bestuete Koppel während 4 Joer an der Stad bis d'Wunneng ze kleng gouf. Iwwert de Weekend ass et reegelméisseg mam Bus heem op Stengefort gaangen, wou si e.a. an den haitegen Deckelsmouken Scouten, och e.a. als Wichtelcher Chef-taine, aktiv war. 1973 ass d'Suzette du mat hiner klenger Famill, déi em 2 Meedercher gewuess war, rëm zréck op Stengefort komm. Wéi hire Papp krank ginn ass, huet hire Mann de Mangen Betrib iwwerholl. Fir déi éiergäizeg Stengeforterin, déi gären onofhängeg war (a nach ëmmer ass), koum et net a Fro mat hirem Mann am Familljebetrib ze schaffen. Si wollt gären hiren eegene berufleche Wee goen.





D'Suzette, eng eegestänneg Fra


